# STENGEFORTER NEIEGKEETEN

DE MAGASINN VU STENGEFORT

N° 111
Mäerz 2023

STENGEFORTER MUSEK

KEVIN FEIEREISEN

STENGEFORTER CHRËSCHTMAART



Commune de Steinfort

# VIRWUERT



**Léif Matbiergerinnen a Matbierger,**

Och déi lescht Wochen a Méint ass eis Gemeng net an de Wanterschlof gefall... Nieft der Aweiung vun eiser GiveBox, der Visitt vum Kleeschen an der Grondschoul oder der éischter Editioun vun eisem Repair-Café huet eis Gemeng, zesumme mat der Entente vun de Veräiner, de Stengeforter Chrëschtmaart organiséiert. E sëllege Veräiner, Museksgruppen, Handwierker an Hobbykënschtler hunn hei iwwert 2 Weekender hiert Bescht gi fir dass och des Editioun erëm e vollen Erfolleg ginn ass.

An eiser neier Serie „Stengeforter Perséinlechkeet" stelle mir Iech ab elo an all Ausgab vun eisem Magasinn eng Persoun aus eiser Gemeng vir. Mir fänken dës Serie mam Kevin Feiereisen un, ee Stengeforter Jong deen zanter 2018 blann ass an eis mathëlt a säin Alldag.

An der Rubrik „Stengeforter Veräiner" erlabe mir Iech doriwwer eraus e Bléck hannert d'Kulisse vun eise Veräiner aus der Gemeng. Dir gesitt se reegelméisseg um Sportsterrain wann se eise Jonken de Sport bäibréngen, op der Bün wann se eis ënnerhalen oder hannert dem Comptoir wann se eis fréndlech a gutt gelaunt zerwéieren. Sie sinn et déi d'Identitéit vun der Gemeng prägen an e wichtege Pilier am sozialen, kulturellen oder sportlechen Zesummeliewe sinn.

Et ass eis dofir wichteg, dat mir déi Léit déi hannert de verschiddene Veräiner sti virstellen an esou och op all eis Fräiwëlleg samt hier Veräiner a Clibb opmierksam maachen. A wee weess, vläicht kritt deen een oder aneren ënnert Iech doduerch och Loscht sech ze engagéieren?!? Sou wéi d'Veräiner d'Réckgrat vun eiser Gesellschaft sinn, sinn et déi Benevolen an de Veräiner. Den Ufank vun dëser Serie mécht d'*Stengeforter Musek* déi et schonn zanter 1910 gëtt an deenen hir Aktivitéite mir zesumme mat dem Sekretär Roland Linster beliichten.

Dir fannt och erëm Fotoe vun de leschte Manifestatiounen, esou ewéi een Text vun deemools an der Stengeforter Gemeng. A natierlech däerf eist klengt Rätsel vun de 7 Feeler am Bild net feelen! An, hu Dir se schonn all fonnt?

Ech wënschen Iech nach vill Spaass beim Liese vun dëser neier Ausgab vun de Stengeforter Neiegkeeten.

Äre Buergermeeschter,
Sammy Wagner

# PRÉFACE

**Cher.e.s concitoyen.ne.s,**

Notre commune n'est pas tombée en hibernation ces dernières semaines et mois,… Outre l'inauguration de notre GiveBox, la visite de Saint Nicolas à l'école fondamentale ou la première édition de notre Repair-Café, notre commune, ensemble avec de l'Entente des sociétés, a organisé le marché de Noël de Steinfort. De nombreux clubs, groupes de musique, artisan.e.s et artistes amateur.rice.s ont donné le meilleur d'eux-mêmes pendant 2 week-ends pour que cette édition soit une nouvelle fois un franc succès.

Dans notre nouvelle série « Stengeforter Perséinlechkeet », nous vous présentons dorénavant dans chaque numéro de notre magazine un.e citoyen.ne issu.e de notre commune. Nous commençons cette série avec Kevin Feiereisen, un garçon de Steinfort, qui a perdu la vue depuis 2018 et qui nous emmène dans son quotidien.

Dans la rubrique « Stengeforter Veräiner », nous vous permettrons de jeter un œil en coulisses de nos clubs. Vous pouvez les voir régulièrement sur le terrain de sport lorsqu'ils.elles initient nos jeunes au sport, sur scène lorsqu'ils.elles nous divertissent ou derrière le comptoir lorsqu'ils.elles nous servent dans la joie et la bonne humeur. Ce sont eux.elles qui façonnent l'identité de la commune et représentent un pilier important de la coexistence sociale, culturelle ou sportive. Il est donc important pour nous de présenter les personnes derrière les différents clubs et ainsi attirer l'attention sur tous.tes nos bénévoles ainsi que leurs clubs et associations. Et qui sait, peut-être que l'un.e ou l'autre d'entre vous aura envie de s'impliquer ?!? Tout comme les clubs sont l'épine dorsale de notre société, les bénévoles le sont pour les clubs. Le début de cette série est fait par la *Stengeforter Musek*, qui existe depuis 1910 et dont nous mettons en avant les activités avec son secrétaire Roland Linster.

Vous trouverez également des photos des dernières manifestations, ainsi qu'un texte d'autrefois sur la commune de Steinfort. Et bien sûr, notre petite énigme des 7 erreurs en photo ne doit pas manquer à l'appel ! Et alors, les avez-vous déjà toutes trouvées ?

Je vous souhaite beaucoup de plaisir à lire cette nouvelle édition des Stengeforter Neiegkeeten.

Votre bourgmestre,
Sammy Wagner

# FOREWORD

**Dear fellow citizens,**

Our municipality has not gone into hibernation over the past weeks and months… In addition to the launch of our GiveBox, the visit of St. Nicholas to the primary school or the first edition of our Repair-Café, our municipality, together with the Entente des sociétés, organised the Steinfort Christmas Market. Numerous clubs, music groups, craftsmen and amateur artists gave their best during 2 weekends to make this edition once again a great success.

In our new series "Stengeforter Perséinlechkeet", we will present you in each issue of our magazine a citizen of our municipality. We start this series with Kevin Feiereisen, a boy from Steinfort, blind since 2018, who takes us into his daily life.

In the section "Stengeforter Veräiner", we will give you a look behind the scenes of our clubs. You can regularly see them on the sports field when they introduce our youngsters to sport, on stage when they entertain us or behind the counter when they serve us in a friendly and good-humoured manner. They shape the identity of the municipality and are an important pillar of social, cultural and sporting coexistence. It is therefore important for us to present the people behind the different clubs and thus draw attention to all our volunteers and their clubs and associations. And who knows, maybe you too will want to get involved! Just as clubs are the backbone of our society, so are volunteers for clubs. The beginning of this series is made by the *Stengeforter Musek*, which exists since 1910 and whose activities we highlight with the secretary Roland Linster.

You will also find pictures of the latest events and a text about the municipality of Steinfort from the past. And of course, our little riddle of the 7 mistakes in the photo should not be missing! So, have you already found them all?

I hope you enjoy reading this new edition of Stengeforter Neiegkeeten.

Your mayor,
Sammy Wagner

# AN DËSER EDITIOUN / DANS CETTE ÉDITION / IN THIS EDITION

## AUS DER GEMENG LA VIE À LA COMMUNE LIFE IN THE MUNICIPALITY


MIR STELLE VIR?! MAX ZAMBELLI | 06
JUBILÄEN | 07
1. HËLLEF AN DER MAISON RELAIS | 08
WEIDERBILDUNG SCHWÄMM | 09
PERSONALFEIER | 10


## #MIRSISTENGEFORT


PORTRAIT VUM MARIANNE DUBLIN – FELTEN | 12
STENGEFORTER PERSÉINLECHKEET | 18
KEVIN FEIEREISEN | 19
VERÄINER AUS DER GEMENG | 25
STENGEFORTER MUSEK | 26
KREESLAFWIRTSCHAFT AN EISER GEMENG | 30
#MIRSISTENGEFORT | 34


## RÉCKBLÉCK RÉTROSPECTIVE RETROSPECTIVE


STENGEFORTER CHRËSCHTMAART | 36
JOBSEARCH | 38

DËSLESCHT AN EISER GEMENG
REPORTAGE PHOTO
PICTURE REPORT | 40
ERËNNERUNG UN AL HAISER DÉI
ET NET MÉI GINN | 42
DEEMOOLS AN DER STENGEFORTER GEMENG | 43
7 KLENG FEELER | 46



# MIR STELLE VIR! MAX ZAMBELLI

SERVICE URBANISME

## Lu

Mat den neien Erausfuerderunge vun der Entwécklung vun eiser Gemeng, huet sech eist techneschten Departement an e puer Servicer ëmstrukturéiert, fir esou eise Bierger.innen e bessere Service kënnen unzebidden. Et ass de Max Zambelli, eise Stadplaner, deen zoustänneg ass fir d'Gemengeplanung. Hie beschäftegt sech haaptsächlech mam PAG, dem PAP NQ a PAP QE souwéi mam Bautereglement. Dëst sinn technesch Aufgaben, fir déi d'Gesetzgebung fundamental ass. Et ass e ganz interessanten a komplexen Domaine, dee konstant evoluéiert a wou, soubal eng Prozedur ofgeschloss ass, eng aner initiéiert gëtt.

No der Ënnerschréft vum Pacte Logement (Versioun 2.0) vun eiser Gemeng, huet de Max d'Aufgaben iwwerholl, déi aktuell nach zimmlech administrativ sinn, fir e lokale „Programme d'action local Logement" (PAL) op d'Been ze stellen. Aus enger urbanistescher Siicht spiert een um Gemengenniveau schonn eng positiv Entwécklung. Een aaneren Deel vum Max senger Aarbecht ass eise Schäfferot ze beroden an esou indirekt zu enger besserer Entwécklung vun eiser Gemeng an Zukunft bäizedroen an eisen Awunner.innen eng agreabel Liewensqualitéit kënnen ze garantéieren.

## Fr

Avec les nouveaux défis engendrés par le développement de notre commune, notre département technique s'est restructuré en plusieurs services offrant ainsi un meilleur service à nos citoyen.ne.s. Max Zambelli, notre urbaniste, est en charge du service urbanisme. Il s'occupe principalement du PAG, des PAP NQ et PAP QE ainsi que du règlement sur les bâtisses. Il s'agit de tâches techniques où la législation est fondamentale. Il s'agit d'un domaine très intéressant et complexe, en constante évolution où, dès qu'une procédure est terminée, une autre est initiée.

Suite à la signature du Pacte logement (version dite 2.0) par notre commune, Max a repris les tâches, très administratives actuellement, de mise en place d'un Programme d'action local « logement » (PAL). D'un point de vue « urbanisme », une évolution positive se ressent déjà visiblement au niveau communal. Un autre aspect du travail de Max est de conseiller notre collège échevinal et de contribuer ainsi indirectement à un meilleur développement de la commune dans le futur, crucial pour garantir une qualité de vie agréable à nos habitant.e.s.

## En

With the new challenges brought about by the development of our municipality, our technical department has been restructured into several units, thus offering a better service to our citizens. Max Zambelli, our town planner, is in charge of the town planning unit. He is mainly in charge of the PAG, the PAP NQ and PAP QE as well as the building regulations. These are technical tasks where legislation is fundamental. It is a very interesting and complex field, in constant evolution where, as soon as one procedure is finished, another one is initiated.

Following the signing of the Housing Pact (version 2.0) by our municipality, Max took over the tasks, which are currently very administrative, of setting up a Local Housing Action Programme (PAL). From an urban planning point of view, a positive evolution is already visible at the municipal level. Another aspect of Max's work is to advise our College of Aldermen and thus indirectly contribute to a better development of the municipality in the future, which is crucial to guarantee a pleasant quality of life for our inhabitants.

# JUBILÄEN



10. Januar 2023 90 Joer, Madamm Margot Falzani-Brunel, Stengefort



11. Januar 2023 100 Joer, Madamm Marguerite Dui, Stengefort



# 1. HËLLEF AN DER MAISON RELAIS

## Lu

D'Maison Relais Stengefort huet an Zesummenaarbecht mam Dan Thoma e Projet op d'Been gesat, fir de Kanner am klengen Alter Noutwendegkeet vun der 1. Hëllef méi no ze bréngen.

Duerch altersadaptéiert Workshoppe sinn d'Kanner fir den Eeschtfall preparéiert ginn.

D'Kanner ware super motivéiert an hu ganz vill mat op de Wee kritt. Mir soen dem Dan Thoma villmools Merci fir déi gutt Aarbecht a wäerten dëse Projet an Zukunft och an der Maison Relais weiderféieren.

## Fr

La Maison Relais de Steinfort a récemment mis en place un projet éducatif en collaboration avec Dan Thoma pour rapprocher les enfants de la nécessité des premiers secours dès leur plus jeune âge.

Grâce à des ateliers adaptés à leur âge, les enfants ont ainsi été préparés aux situations d'urgence.

Les enfants étaient très motivés et ont appris beaucoup en cours de route. Nous remercions vivement Dan Thoma pour la formation et la Maison Relais poursuivra ce projet à l'avenir.

## En

The Steinfort Maison Relais recently set up an educational project in collaboration with Dan Thoma to bring children closer to the need for first aid at an early age.

Through age-appropriate workshops, the children were prepared for emergency situations.

The participating children were very motivated and learned a lot along the way. Many thanks to Dan Thoma for the training and the Maison Relais will for sure continue this project in the future.

**Equipe Maison Relais Stengefort**






28. November

# WEIDERBILDUNG „URGENCES EN PISCINES“



## Lu

Fir am Eeschtfall eng séier a professionell Hëllef ze garantéieren, hate mir eng Weiderbildung fir d'Personal aus der Schwämm. Egal, op Schwammmeeschter-, Keess- oder Botzpersonal, am Noutfall zielt all Hëllef an all Handgrëff muss sëtzen.

No enger Opfrëschung vun den theoretesche Kenntnisser, sinn Nomëttes verschidden Zenarie praktesch duerchgespillt gi. Merci dem „DeWidong“ fir dës formidabel Weiderbildung!

## Fr

Afin de garantir une assistance rapide et professionnelle en cas d'urgence, notre personnel de la piscine a suivi récemment une formation complémentaire. Qu'il s'agisse du.de la moniteur.ice de natation, d'un.e caissier.ère ou du personnel de nettoyage, en cas d'urgence, chaque aide compte et chaque prise en main doit être parfaite.

Après un rappel des connaissances théoriques en matinée, différents scénarios ont été mis en pratique dans l'après-midi. Merci à « DeWidong » pour cette formation adéquate !

## En

In order to guarantee a quick and professional assistance in case of emergency, our pool staff has recently undergone additional training. Whether it's a swimming instructor, a cashier or cleaning staff, in an emergency, every assistance counts and every handling must be perfect.

After a reminder of the theoretical knowledge in the morning, different scenarios were put into practice in the afternoon. Thank you to "DeWidong" for this appropriate training!







# 13. Januar

# PERSONALFEIER



## Lu

Et war op engem **Freideg den 13.** wou de Schäfferot d'ganz Personal vun der Stengeforter Gemeng op déi traditionell Neijoerschreceptioun an d'Keeseminnen agelueden hat. Eng 170 Gemengebeamten.innen, Salariéen a weider Invitéeë sinn dëser Aluedung nokomm an hunn am gemittlechem Kader zesummen e flotten Owend verbruecht. Am Laf vum Owend si bei dëser Geleeënheet d'Bernadette Hulten an de Serge Kaiser fir hier 20 Joer Déngscht geéiert ginn. An déi wuelverdéngte Pensioun goufen d'Gaby Desquiotz (ép. Behm), d'Manette Schmit (ép. Jemming) an d'Gaby Biver verabschid. Aussergewéinlech geéiert gouf de Jean-Marie Wirth fir säi jorelaangt Engagement als aktive Member am Stengeforter Gemengerot an als Buergermeeschter vun 2011-2017.

## Fr

Le **vendredi 13**, l'ensemble du personnel de la commune avait été convié par le collège échevinal à la traditionnelle réception du Nouvel An. Plus de 170 fonctionnaires municipaux, collaborateur.ice.s et autres invité.e.s avaient répondu présent et ont passé ensemble une soirée agréable dans un cadre convivial. Au cours de la soirée, plusieurs collaborateur.ice.s ont également été honoré.e.s, que ce soit pour 20 ans d'ancienneté ou pour leur départ à la retraite.



## En

On **Friday 13th**, the staff of the municipality were invited by the College of Aldermen to the traditional New Year's reception. More than 170 municipal officials, employees and other guests attended and spent a pleasant evening together in a friendly atmosphere. During the evening, several employees were also honoured on this occasion, either for 20 years of service or for their retirement.








DËLPES!
Eh merde alors!













# PORTRAIT VUM MARIANNE DUBLIN-FELTEN



**ZWEET SCHÄFFIN VUN DER GEMENG STENGEFORT**

## Lu

D'Marianne Dublin-Felten (LSAP) ass den 21. Oktober 2021 um Poste vun der 2. Schäffin vun der Inneministesch Taina Bofferding vereedegt ginn. Domadder huet si dem Sammy Wagner seng Plaz am Schäfferot iwwerholl.
Zu hire Ressorten ziele säitdeem d'Biergerbedeelegung, d'Veräinsliewen an de Benevolat, d'Kultur an den Tourismus, d'Maison Relais, souwéi de sozialen Zesummenhalt zu deem d'Chancëgläichheet, d'Diversitéit an d'Jugend zielen.

Mat eppes manner ewéi 6.000 Matbierger.innen zielt d'Gemeng Stengefort zu de 85 Lëtzebuerger Gemenge mat 2 Schäffen. De Schäfferot ass d'Exekutivorgan vun der Gemeng a bekëmmert sech ëm d'alldeeglech Administratioun. Et sinn d'Gemengeconseillèren, déi d'Schäffen auswielen. D'Sëtzunge vum Schäfferot si presidéiert vum Buergermeeschter, si sinn net zougänglech fir de Public. Déi geléiert Bank-Salariée ass ganz engagéiert an eiser Gemeng.

No der Präsentatioun vum Andy Gilberts, 1. Schäffen, ass et elo un der Zäit eis 2. Schäffin, d'Marianne Dublin-Felten, eppes besser kennen ze léieren.

**Wéi géingt Dir Iech an e puer Wierder beschreiwen?**

Ech sinn zu Hoen opgewuess an zënter Jore mat vill Elan a laangem Otem engagéiert an eiser schéiner Gemeng. A menger Fräizäit sinn ech vill mat eisem Mupp an der Natur ënnerwee, ginn, wann d'Zäit mir et erlaabt, an de Fitness a fotograféiere gär. Ech sinn hëllefsbereet an oppen, si mat Häerz a Séil bei der Saach a ka mech och schonn emol drunhalen, wann ech gesinn, dass et net virugeet. Ongerechtegkeete sinn en absolutten No-Go fir mech. Ech lauschteren heiansdo léiwer no, wéi selwer d'Wuert z'ergräifen, beim Nolauschtere léieren ech bäi a kann och erkennen, wou de Schong dréckt.

Ech si bestuet a Mamm vun dräi erwuessene Bouwen.

**Wat ënnerscheet Ären Alldag op der Bank mam Alldag op der Gemeng?**

Keng einfach Fro, ech stinn op deenen zwou Plazen am Déngscht vun de Leit. Op der Bank beroden ech de Client individuell, ginn op seng Besoinen an a kucken no beschtem Wëssen a Gewëssen ze handelen. Op der Gemeng maachen ech dat och, mam Ënnerscheed, datt ech d'Besoine vun ALL de Bierger.innen am A behalen.

**Wat fir eng Roll spillt d'Biergerbedeelegung, Ärer Meenung no, fir d'Liewen an der Gemeng ze gestalten?**

D'Biergerbedeelegung spillt eng grouss Roll: et geet drëm dat soziaalt Zesummeliewen ze fërderen, Mënschen aus alle Gesellschaftsschichte beieneenzebréngen, de Bierger.innen nozelauschteren a si ze motivéiere matzemaachen.

Jidderee soll erëm Loscht hunn seng demokratesch Rechter wouerzehuelen: Jonker, manner Jonker, Mann, Fra, verschidden Nationalitéiten, jiddereen.t huet seng Plaz bei eis an der Gemeng. Fir d'Zukunft vun eiser Gesellschaft brauche mir Participatioun, Solidaritéit an Toleranz.



**Wat bedeit Chancëgläichheet fir Iech? Wéi gëtt déi konkret an eiser Gemeng ëmgesat?**

Chancëgläichheet heescht fir mech: All Mënsch huet déi selwecht Chancen, Rechter a Méiglechkeeten eppes aus sengem Liewen ze maachen. All Nationalitéiten hunn bei eis eng Plaz, mir huele Récksiicht bei eisen Entscheedungen op déi ënnerschiddlech kulturell a reliéis Bedürfnisser, sou wéi spezifesch Besoinen déi duerch eng mental oder physesch Beanträchtegung kënne kommen. Männer a Fraen, sou wéi all aner Genderidentitéite, gi bei eise politeschen Entscheedunge gläich behandelt. D'Zil ass eng allgemeng Barrièrefräiheet ze schaffen.

Mir hunn als Gemeng Stengefort decidéiert an Zesummenaarbecht mat eise Bierger.innen e kommunalen transversalen Aktiounsplang opzestellen, d'Schlësseltheeme vun dësem Projet sinn: d'Jugend, d'Senioren, d'Integratioun an d'Chancëgläichheet. Jiddereen hei an der Gemeng konnt dorunner deelhuelen. D'Gemeng huet och 2022 de *Pakt vum Zesummeliewen* ënnerschriwwen. Domat ass e wichtege Schrëtt gemaach, fir d'Integratioun vun all eise Bierger.innen ze verbesseren.

Erauskristalliséiert huet sech de Wonsch no engem Biergerhaus, engem „Tiers-Lieu". Zesumme mat jidderengem aus eiser Gemeng, deen interesséiert ass, soll d'Biergerhaus *Al Schoul* entstoen, eng Plaz, wou een sech begéinen an austausche kann.

Dee Projet läit mir besonnesch um Häerz an ech si perséinlech iwwerzeegt, datt deen d'Awunner.innen aus der Gemeng Stengefort nach méi verbënnt an datt do vill Synergië wäerten entstoen. An enger éischter Phas kommen duer e Café an eng Bibliothéik, fir d'Zesummeliewen ze förderen. Si bidden d'Méiglechkeet nei Initiativen zesumme mat de Bierger.innen auszeschaffen: et soll en inklusiivt, intergenerationellt, nohaltegt a multikulturellt Konzept gi mat ë.a. Sproochecafé, Senioren-Treffen, Jugend-Treffen, Repair-Café, Kannersproochecafé, Virliesatelieren, Sonndes-Brunch, Formatiounen a villes méi wat Chancëgläichheet weider fërdert.

D'Epicerie Sociale an eise lokale Second-Hand-Buttek *Wullmaus*, dee jo och schonn zënter laangem all Samschde mat ville Benevolle funktionéiert a wou jidderee wëllkomm ass, wäerten och do hir Plaz fannen. E Büro fir Consultatiounen, eng Kiche fir gemeinsam ze kachen an zousätzlech Reuniounssäll sollen an enger zweeter Phas entstoen. D'Chancëgläichheet, d'Diversitéit, d'Inklusioun an d'Kommunikatioun solle Piliere vun dëser „Place to be" sinn.

**Firwat ass et wichteg, datt Stengefort als Gemeng eng LGBTQIA+ Fräiheetszon ass?**

Et ass méi wéi jee wichteg, no bausse mat kloren Aussoen ze weisen, datt all Mënsch - egal wat seng sexuell Orientatioun, Liewensform oder Genderidentitéit ass - sech bei eis an der Gemeng sécher fille kann. Jiddereen ass wëllkomm a mir kënnen all matschwätzen.

**Wat mécht d'Gemeng fir jonk Leit?**

Ob et Sport, Musek oder Konscht ass, d'Stengeforter Gemeng huet vill aktiv Veräiner, an deenen eng enorm Jugendaarbecht geleescht gëtt mat ville Benevollen. Ausserdeem gëtt et eng ganz funktionell Museksschoul, en aktiivt Jugendhaus, de Sentier didactique Mirador mat ville flotten Aktivitéiten an e Kannergemengerot.

Niewent dem ëffentleche Transport fueren an eiser Gemeng och den Nightrider, de Late Night Bus an de Ruffbus.

Mir hunn eng Konventioun mat Youth & Work an Zarabina, wichteg Partner, wann et ëm d'Jobsich geet. Jidderee ka gratis op dës Servicer zeréckgräifen.

Eis Gemeng mécht scho vill, mee natierlech kann een et ëmmer nach besser maachen. Ech erwaarde mir awer och, datt déi jonk Leit sech hire Raum schafen. Mir hate Workshoppen zesumme mam *Leader Lëtzebuerg West* organiséiert, fir déi Jonk ze sensibiliséieren sech als Bierger.innen an hirer Gemeng ze bedeelegen. Do musse mir och nach weider usetzen. Si sinn eis Zukunft. Si sollen sech amëschen a matschwätzen. Dozou gehéiert och déi néideg Kompetenzen z'entwéckelen, déi et brauch fir eng lieweg Demokratie: argumentéiere léieren, Konflikter meeschteren, Kompromësser agoen, Iddien entwéckelen an drubleiwen.

**Wei entwéckelt sech déi kulturell Offer an eiser Gemeng an den nächsten 10 Joer?**

Do sinn ech extreem optimistesch, mir hunn do schonn eng ganz flott Panoplie vu Manifestatiounen, déi eis Gemeng mat hire Servicer zënter Jore mat vill Succès organiséiert: *Owes- & Ëmweltmaart*, Chrëschtmaart, *Summer um Weier*, Theater, Concerten. Och *Den Dag bei der Baach* an de *Vintage Cars & Bikes Steinfort* sinn zwee Rendez-vousen, déi net méi aus dem Kalenner ewechzedenke sinn. Zesumme mat eiser Kulturkommissioun, eise Veräiner, awer och eisem laangjärege Partner Aktikulti ASBL an eiser nei gegrënnter Kultur Stengefort ASBL kënne mir op kulturellem Plang en demokratescht a solidarescht Zesummeliewe fërderen.

Mam *Summerdream Festival* d'lescht Joer hat d'ganz Ekipp e flott Event fir Grouss a Kleng a kuerzer Zäit an d'Liewe geruff. Sou krut d'Gemeng Stengefort eng weider kulturell Etikett no baussen an de passionéierte Publikum eng Geleeënheet, fir Konscht an all hire Formen ze erliewen.

Fir d'Galerie an der Villa Collart schaffe mir nach un engem Konzept. An och de regionalen Austausch mat den Nopeschgemengen, och iwwer d'Grenz eraus, soll ausgebaut ginn.

**Wou gesitt Dir Iech an 10 Joer?**

Puu, dat ass laang. Mäin aktuelle Wonsch ass et nach e puer Joer meng Virstellunge fir Stengefort kënne weiderzëentwéckelen. Awer och Zäit fir mäin Partner ze hunn an - wann d'Gesondheet mir et erlaabt - ze reesen, mat der Famill an de Frënn zesummenzesinn, endlech mol e Fotoscours ze maachen an d'Liewen ze huelen, wéi et kënnt.



## Déi 2. Schäffin Marianne Dublin-Felten ganz privat

**Wéi eng dräi Géigestänn géingt Dir mat op eng verloossen Insel huelen?**

Mäi Sonnebrëll, eng Kap a Sonnecrème

**Léiwer Cappuccino oder Latte Macchiato?**

Cappuccino, besser wier awer nach en duebelen Espresso

**Léiwer eng gutt Kippchen oder e gudde Pättche vun eiser Musel?**

E gudde Pättche vun eiser Musel

**Buch oder Netflix?**

Ech muss gestoe ... Netflix, doduerch datt ech vill am Dag liesen, kucken ech owes gären emol e Film, fir ofzeschalten.

**Jazz oder Rock?**

Op alle Fall Rock

**Häerz oder Kapp?**

Béides! Häerz sécher, wie mech kennt, weess dat. Awer Häerz ouni Kapp ass schwiereg.

**Cash oder Kreditkaart?**

Kreditkaart

**Bierger oder Plage?**

Plage

**Steak oder Zalot?**

Onbedéngt Zalot

**Fréi an d'Bett oder laang um Tour?**

(FREIER: LAANG UM TOUR) HAUT: Fréi opstoen, fir mat mengem Mann an eisem Hond spadséieren ze goen. Dëst ass eng wichteg gemeinsam Zäit, fir d'Organisatioun vum Familljeliewen, awer och fir ofzeschalten.

**Theater oder Philharmonie?**

Theater

# PORTRAIT OF MARIANNE DUBLIN-FELTEN



**SECOND ALDERWOMAN OF THE STEINFORT MUNICIPALITY**

## En

On 21 October 2021, the Minister of Home Affairs, Taina Bofferding, swore in Marianne Dublin-Felten (LSAP) as the 2nd alderwoman. She thus took over from Sammy Wagner, who became mayor, in the aldermanic college. Since then, she has been in charge of: citizen participation, community life and voluntary work, culture and tourism, the Maison Relais, as well as social cohesion, which includes equal opportunities, diversity and youth.

With almost 6,000 inhabitants, the municipality of Steinfort is one of the 85 Luxembourg municipalities with two aldermen. The College of the mayor and aldermen is the executive and daily administration body of the municipality. The municipal councillors appoint the aldermen and alderwomen. The meetings of the aldermanic college are chaired by the mayor and are not open to the public. Our alderwoman, a qualified bank employee, is very committed to our municipality.

After the presentation of Andy Gilberts, 1st alderman, it is now time to get to know our 2nd alderwoman, Marianne Dublin-Felten.

**Describe yourself in a few words.**

I grew up in Hagen and I have been involved with great enthusiasm and dedication in the life of our amazing municipality for many years. I like to spend time with our dog on long walks in nature, go to the gym when I have time and love to take pictures. I am helpful and open-minded, I put my heart and soul into things and I can stick to it when I notice that something is not going how it should. Injustice is an absolute NO GO for me. I prefer to listen rather than speak up myself, by listening I learn and can recognise where the problem lies.

I am married and mother of three grown-up boys.

**What is the difference between your daily life at the bank and your daily life at the municipality?**

This is not an easy question for me, as I serve people both at the bank and in the municipality. At the bank, I advise each customer individually, listen to his or her needs and try to act according to my best knowledge and awareness. I also do this in the municipality, with the difference that I keep in mind the needs of ALL citizens.

**In your opinion, what role does citizen participation play in shaping the life of the municipality?**

Citizen participation plays a major role: it is a matter of encouraging social cohesion, bringing together people from all walks of life, listening to citizens and motivating them to participate.

Everyone should want to exercise their democratic rights: young, old, men, women, no matter their nationality, everyone has a place in our municipality. For the future of our society, we need participation, solidarity and tolerance.

**What does equal opportunities mean to you? How is it concretely implemented in our municipality?**

For me, equal opportunities means: each individual has the same chances, rights and opportunities to make something of their life. All nationalities are welcome here; we take into account different cultural and religious needs in our decisions, as well as specific needs that may be caused by a mental or physical disability. Men and women, as well as all other gender identities, are treated equally in our policy-making. We aim to establish general accessibility.

As municipality of Steinfort, we have decided to work together with our citizens in order to develop a cross-community action plan, the main themes of which are: youth, seniors, integration and equal opportunities.

All members of the municipality were invited to participate. The municipality also signed the *Pakt vum Zesummeliewen* (editor's note: pact of living together) in 2022. Herewith, an important step was taken to improve the integration of all our citizens.

The need for a citizens' house, a "third place", has crystallised. In cooperation with all the interested parties in the municipality, the citizen's house *Al Schoul* (editor's note: old school) is being created, a place where people can meet and exchange ideas.

This project is very close to my heart and I am convinced that it will further connect the inhabitants of the Steinfort municipality and that many synergies will thus be created. In the first phase, a café and a library will be set up in order to promote social interaction. They will offer the possibility to develop new initiatives together with our citizens: it is supposed to become an inclusive, intergenerational, sustainable and multicultural concept with, i.e. language café, seniors' meetings, youth's meeting, repair café, language café for children, readings, Sunday brunches, training courses and much more promoting equal opportunities.

The social grocery store and our local second hand shop *Wullmaus*, which has been running every Saturday for a long time thanks to many volunteers and where everyone is welcome, will also be integrated in the *Al Schoul*. In a second phase, an office for consultations, a kitchen to cook together and additional meeting rooms will be created. Equal opportunities, diversity, inclusion and communication shall be the pillars of this "place to be".

**Why is it important that Steinfort as a municipality is an LGBTQIA+ freedom zone?**

It is more important than ever to clearly state that everyone - regardless of their sexual orientation, lifestyle or gender identity - can feel safe in our municipality. Everyone is welcome and we all have a say.

**What does the municipality do for young people?**

Whether it is sports, music or art, the municipality of Steinfort has many active clubs, in which a lot of youth work is done with the help of many volunteers. Furthermore, there is our very spirited music school, we have a dynamic youth centre, the Mirador educational trail with numerous fun activities as well as a local children's council.

In addition to public transport, the Nightrider, the Late Night Bus and the Ruffbus also operate in our municipality.

We have a partnership with Youth & Work and Zarabina, important partners in the job search. Everyone can access these services free of charge.

Our municipality is already doing a lot, but as always, we can do better. I also expect young people to work on their own space. We organised workshops with *Leader Lëtzebuerg West* to raise awareness amongst youngsters of the importance to participate as citizens in their municipality. We still need to go further here. They are our future. They should get involved and have a say. This also includes developing the necessary skills for a dynamic democracy: arguing, overcoming conflicts, making compromises, developing ideas and living by them.

**How will the cultural offer of our municipality evolve in the next 10 years?**

I am extremely optimistic, we already have a very wide range of events our municipality has been organising with great success with its services for quite a few years: *Owes- & Ëmweltmaart*, Christmas market, *Summer um Weier*, theatre, concerts. The *Dag bei der Baach* and *the Vintage Cars & Bikes Steinfort* are also two important happenings on the agenda. Together with our cultural affairs advisory committee, our clubs, but also our long-standing partner Aktikulti ASBL and our new Kultur Stengefort ASBL, we can promote a democratic and supportive cultural coexistence.

With last year's *Summerdream Festival*, the whole team created an amazing event for young and old in a short time. Herewith, the municipality of Steinfort has given itself an extra cultural label and has given the passionate public an additional opportunity to experience art in all its forms.

We are still working on a concept for the Villa Collart art gallery. And the regional exchange with the neighbouring municipalities, also across the border, should be expanded.

**Where do you see yourself in 10 years?**

Well, that's a long time. My current wish is to be able to continue to develop my ideas for Steinfort for a few more years. But also to have time for my partner and - if my health allows me - to travel, spend time with my family and friends, take a photography course and take life just as it comes.

## 2nd alderwoman Marianne Dublin-Felten in private

**What three things would you take with you to a desert island?**

My sunglasses, a cap and sun cream

**Would you prefer a cappuccino or a latte macchiato?**

Cappuccino, but a double espresso sounds even better

**Would you rather have a nice cup of crémant or a nice glass of wine from our Mosel?**

A nice glass of wine from our Mosel

**Book or Netflix?**

I must confess... Netflix, as I read a lot during the day, I like to watch a movie in the evening to disconnect.

**Jazz or rock?**

Rock, of course

**Heart or head?**

Both! Heart certainly, those who know me are aware of that. But heart without head is quite difficult.

**Cash or credit card?**

Credit card

**Mountain or beach?**

Beach

**Entrecote or salad?**

Salad, definitely

**Early to bed or long night out?**

(IN THE PAST: LONG NIGHT OUT) TODAY: Getting up early to go for a walk with my husband and our dog. It's an important common moment, for the organisation of family life, but also to disconnect.

**Theatre or Philharmonie?**

Theatre

version française



## NEI SERIE:

# STENGEFORTER PERSÉINLECHKEET

### Lu

Mat #mirsistengefort wëlle mir eis als Gemeng vun deenen anere Gemengen ervirhiewen. Dësen Hashtag gebrauche mir reegelméisseg fir eis d'Zesummeliewen ze definéieren. Mee #mirsistengefort ass net nëmmen en Hashtag, mee et ass vill méi! Et representéiert och all eis Matbierger.innen aus eisen Dierfer mat all hiren Eegenschaften. An dëser neier Serie stelle mir Iech ab elo an all Ausgab vun de Stengeforter Neiegkeeten eng Persoun aus eiser Gemeng vir, déi an eisen Aen eng Stengeforter Perséinlechkeet ass.

Den Optakt vun eiser Serie mëscht den Kevin Feiereisen, e Stengeforter Jong.

Dir kënnt eng Stengeforter Perséinlechkeet, déi et et interessant wär op dëse Säite virzestellen? Dann zéckt net an informéiert eise Service RP per Mail **steinfort.pr@steinfort.lu** doriwwer.

### Fr

Avec #mirsistengefort, nous voulons nous distinguer en tant que commune des autres communes. Nous utilisons régulièrement ce hashtag pour définir notre vie ensemble. Ainsi #mirsistengefort n'est pas seulement un hashtag, c'est bien plus ! Il représente aussi tou.te.s nos concitoyen.ne.s de nos villages avec toutes leurs caractéristiques étonnantes. Avec cette nouvelle série, nous vous présenterons dorénavant dans chaque édition de notre magazine une personne issue de notre commune, qui à nos yeux est une personnalité de Steinfort.

Le début de notre série présente Kevin Feiereisen, un garçon de Steinfort.

Vous connaissez une personnalité de notre commune qui mériterait d'être présentée sur ces pages ? Alors n'hésitez pas à en faire à notre service RP par mail **service.pr@steinfort.lu** !

### En

With #mirsistengefort we want to distinguish ourselves as a municipality from other municipalities. We regularly use this hashtag to define our life together. Thus #mirsistengefort is not just a hashtag, it is much more! It also represents all our fellow citizens from our villages with all their amazing characteristics. With this new series, we will present you in each edition of our magazine a person from our municipality, who in our eyes is a Steinfort personality.

The beginning of our series features Kevin Feiereisen, a boy from Steinfort.

Do you know a personality from our municipality who deserves to be featured on these pages? Then don't hesitate to send an e-mail to our PR service at **service.pr@steinfort.lu**!



# STENGEFORTER PERSÉINLECHKEET:

# DE KEVIN FEIEREISEN

## Lu

Dir hutt de Kevin villäicht schonns mat sengem Mupp, t'Rose an/oder mam wäisse Bengel, an eiser Gemeng oder am Bësch beim Spadséiere begéint? Dir hutt lech vläicht och gefrot firwat hien säin Hond mat enger Schell an ouni Léngt fräi lafe léist? De gebiertege Stengeforter ass säit 2018 blann an t'Rose ass e speziell ausgebilte Blannenféierhond deen zanter dem leschte Joer bei him an senger Fra, dem Mandy, wunnt.

Mat 3 Joer gouf beim Kevin ee Gehiertumor huet, deen op säi lénkst A gedréckt huet sou dat hie mat dësem A näischt méi gesi konnt. Jorelaang huet hie just mat sengem rietsen A konnte kucken, an dëst quasi perfekt sou dat hien als exzellenten Autoschauffer ënnerwee war. Wéi den Tumor gewuess ass, ass de Risiko datt en och op dat riets An géif drécke mattgewuess. An 2018 ass d'Entscheedung gefall fir de Kevin ze operéieren. Leider ass bei dëser Operatioun de Sehnerf getraff ginn, wat him säi gesond A kascht huet.

Wéi déi fatal Noriicht endlech zum Kevin duerch gedrongen ass, ass eppes ënnerlech an him zerbrach an hien huet seng Zäit gebrauch fir sech vun deem Schock ze erhuelen. Natierlech huet hien sech ganz vill Froe gestallt wéi säin Liewen sollt weider goen. Dank dem Mandy, mat dem hien zanter 2017 zesumme war, a senger ganzer Famill, déi all ëmmer zu him gestanen hunn, wär et net esou einfach gewiescht. Wéi hien aus dem Spidol entlooss gouf, war séin éischte Wonsch Fritten iessen ze goen, Wonsch deem d'Mandy natierlech an Erfëllung bruecht huet! Duerno sinn da nach sou munch Sortien dobäi komm.





Berode gelooss huet de Kevin sech vum Tom Erdel vum *Centre pour le développement des compétences relatives à la vue* (CDV) zu Bartreng. Den Tom, deen och selwer blann ass, huet him ganz vill weidergehollef andeems hien him alles erkläert a „gewisen“ huet. Dëst huet dem Kevin ganz vill Mutt gemaach an och gehollef seng néi Situatioun ze akzeptéieren. Fir dat seng Famill an säi Fréndeskrees net weider besuergt em hie waren, war et him och wichteg hinnen ze weisen datt et him rëm gutt géif goen. Dës Astellung huet him selwer gehollef alles rëm positiv ze gesinn.

Säin Alldag meeschtert de Kevin esou ewéi jiddwer aneren och. Dank modernster Technik si Maile schreiwen a Whatsapp Noriichte liesen alles kee Problem! Déi neiste Smartphonen hunn all schonns lauter Applikatioune vum Wierk aus mat drop fir de Sehbehënnerten hiert d'Liewen ze vereinfachen. Dës liesen alles vir, och wann den Akzent net ëmmer ganz verständlech ass a kënnen, zBsp ewéi d'gratis Seeing AI App, och Gesichter, Wärungen, Faarwen, asw. erkennen. Surfen am Internet mëscht de Kevin och reegelméisseg. Effektiv sinn ëmmer méi Internetsitte barrièrefräi opgebaut : duerch aprogramméiert « Tabs » liest eng speziell Handy oder Computer App dem Kevin déi verschidden Informatioune vir. Leider ass den Internetsite vun der Stengeforter Gemeng nach net barrièrefräi opgebaut… Dëst ass awer ee Projet deen an der nächster Zukunft ëmgesat soll ginn.

Vertässele mécht de Kevin normalerweis näischt! Alles, sief et op senger Aarbecht oder doheem, huet seng fest Plaz a wann mol eppes net op senger richteger Plaz léit, dann ass bestëmmt d'Mandy Schold dorunner ;-) A wann mol eppes ëmgestallt gëtt, da kann et och emol zu Schierbele kommen. Sou munch Glieser hunn sou am Ufank net laang iwwerliewt…

Eppes wat elo manner a sengem Alldag klappt ass d'Benotzen vum Adapto Bus, deen de Kevin all Dag brauch fir op seng Aarbecht ze kommen… Hei weess hien ni sou richteg wéini a wou hien ofgeholl gëtt a wéini a wou hien erausgelooss gëtt. Dëse Bussystem ass awer wichteg fir datt hien all Dag op seng Aarbecht kënnt. Mam ëffentlechen Transport ass et eben net esou einfach bis op Mënsbech ze kommen wou hien beim Educatiounsministère schafft. Ze bemängelen ass och dat d'Buspersonal vum Adapto oft net forméiert ass fir mat Léit mat spezifesche Besoinen richteg ëmzegoen.

Nieft dem Kevin senger Leidenschaft un der fröscher Loft duerch eis Gemeng ze tröppelen ass hien awer och sportlech aktiv. Zesumme mat enger Grupp vun aner Sehbehënnerte mécht hie Judo. Éier hie mat däser Sportaart ugefaangen huet, hat hien d'Gefill dat een als Blanne kee Sport kéint maachen. Dëst stëmmt awer net an de Kevin wäert sech däser Sportaart rëm schnellstens unhuelen, soubal säi blesséierte Knéi geheelt ass.

Well de Kevin eng länger Zäit normal gesinn huet, huet hie ganz vill Biller a sengem Kapp ofgespäichert. Sou kann et emol sinn, datt hien eppes „gesäit“ wat do steet, well hien dat am Virfeld matgedeelt krut. Hien huet dann e Bild am Kapp ewéi hien deen Objet fréier erlieft huet. Am Ufank huet hien net gedreemt, vill nei Andréck hat hien du jo och net. Hautdesdaags dreemt hie ganz normal mat Biller vu fréier. An sengen Dreem ass hie selwer och blann, wat hien zimmlech konfus empfënnt. A well hien eben d'Biller am Kapp huet, kann hien sech d'Mandy oder seng Mamm ganz gutt virstellen, och wann si sech zum Deel verännert hunn a net méi onbedéngt zu deenen ale Biller passen. Leider huet hien awer Schwieregkeeten sech nei Saachen oder Persoune virzestellen, sou zBsp d'Kanner vu senge Schwësteren, vun hinnen huet hie jo leider keng Biller ofgespäichert.

Zanter Oktober 2022 wunnt t'Rose, de Blannenféierhond, doheem beim Kevin a Mandy. An sengem Alldag deelt hat seng Ae mam Kevin. Soubal d't'Rose säin Harnais unhuet ass hat am Déngscht an de Kevin brauch säi Blannebengel net ze benotzen, wat him een zousätzlecht Gefill vu Fräiheet verléint. Wann hat beim Schaffen ass, ass et net erwënscht t'Rose ze heemelen, hat soll sech jo ganz op seng Roll als Blannenféierhond kënne konzentréieren. Duerch de Mupp ass de Kevin méi mobil an traut sech och ewell eleng an eis Geschäfter. t'Rose kann de Kevin esou ronderëm d'Obstakelen um Wee féieren an hie muss se net selwer mat sengem Bengel opspieren. Zousätzlech ass hat och eng moralesch Stäip fir eise Stengeforter Jong. Een anere positiven Aspekt ass wann de Kevin mam t'Rose zu Stengefort ënnerwee ass, begréissen op eemol vill méi Léit si zwee. De Bewosstsinn géint iwwer vum Kevin huet changéiert, d'Awunner.innen aus eiser Gemeng huelen hie méi wouer an huelen sech esouguer Zäit fir mat him ze poteren.

Fir de Kevin ass et wichteg datt hie vu jidderengem ganz normal behandelt gëtt, an esou och direkt ugeschwat gëtt an net seng Begleetpersoun! Zéckt och net hie schonns vu wäiten ze begréisse wann Dir hien begéint. De Kevin gesäit Iech jo net a freet sech da firwat d't'Rose hien an eng bestëmmte Richtung (zu Iech zou) zitt. Wat him elo manner gefält ass wann hien oder t'Rose ongefrot ugepaakt gëtt. Iech gefält et jo sécher och net wann een, deen dir net gesinn hutt, Iech upeekt, oder? Dir wëllt d't'Rose gären heemelen oder kraulen? Dann zeckt net a frot de Kevin. Hien erklärt Iech gäre wéini datt Dir dëst dierft a wéini net.

Wann Dir si zwee also begéint: maacht Iech bemierkbar andeems Dir schonns vu wäitem Moie sot! De Kevin freet sech elo schonns fir Iech ze begréissen!

**Dir wëllt gären hëllefen? Dann luet Iech déi gratis Be My Eyes Applikatioun op Äre Smartphone erof a mellt Iech un. Bei engem Probleem, rifft d'App een zoufällege Volontaire un deen dann dem Blannen oder Sehbehënnerten (duerch d'Kamera vum Smartphone) seng Ae ka „léinen" an him esou weiderhëllefen.**



PERSONNALITÉ DE STEINFORT


# KEVIN FEIEREISEN



## Fr

Peut-être avez-vous déjà rencontré Kevin avec son chien, t'Rose, ou avec sa canne blanche, se promenant dans notre commune ou en forêt ? Vous vous êtes peut-être aussi demandé pourquoi il laissait courir son chien librement avec une cloche ? Kevin est aveugle depuis 2018 et t'Rose est son chien-guide, spécialement formé pour aveugles, et qui vit depuis l'année dernière avec lui et sa femme, Mandy.

À l'âge de 3 ans, une tumeur au cerveau derrière son œil gauche a été découverte chez Kevin. Pendant des années, il ne pouvait voir que de son œil droit, et cela cela ne l'importunait en aucune manière. Kevin était même un excellent automobiliste! Au fur et à mesure que la tumeur grandissait, le risque qu'elle appuie également sur son oeil droit augmentait de même. En 2018, la décision a été prise de l'opérer. Malheureusement, le nerf optique a été endommagé lors de cette opération, ce qui a coûté son œil sain à Kevin.



Lors de la transmission de la nouvelle fatale, quelque chose s'est brisé en lui et Kevin a dû prendre son temps pour se remettre de ce choc. En un premier temps, il s'est bien sûr posé énormément de questions sur la façon dont sa vie allait pouvoir continuer. C'est avec l'appui de Mandy, avec qui il est en couple depuis 2017, et de toute sa famille, qu'il a commencé à accepter sa nouvelle situation. À sa sortie de l'hôpital, son premier souhait était d'aller manger des frites, vœux que Mandy a bien sûr exaucé ! Par contre, il avait aussi besoin de recevoir de l'aide d'un.e pro.

C'est vers Tom Erdel du Centre pour le développement des compétences relatives à la vue (CDV) de Bertrange que Kevin s'est tourné pour se faire conseiller. Tom, lui aussi aveugle, l'a beaucoup aidé en lui expliquant et en lui « montrant » tout ce dont il avait besoin. Pour que sa famille et ses ami.e.s. ne s'inquiètent plus pour lui, il lui était important de leur démontrer qu'il se sentait à l'aise avec sa nouvelle situation. Cette attitude l'a également aidé à tout voir de manière positive..

